GEMENG
JONGLËNSTER

Réunion 06/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 06.06.2024**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | « Aasselscheier Bongert » |
| Début de la réunion : | 19:00 H |
| Invité(s) : | De Buergermeeschter, d'Schäffen an d'Memberen aus dem Gemengerot, d'Responsabel aus der Gärtnerekipp vun der Gemeng Jonglënster, Mme Bauer Doris vum SIAS Mme Monique Leffin |

## Ordre du jour :

- ***<u>1. Besichtigung vum Bongert vun der Gemeng mat de Gemengevertrieder, der Mme Doris Bauer vum SIAS an der Ekipp vun der Gäertnerei.</u>***

Den Ëmweltschäffe Raphael Schmitz huet d'Leit um Site vum Bongert zu Aasselscheier begréisst.
De President vun der Ëmweltkommissioun Jean Boden huet a senger Usprooch dräi Punkten ugeschwat déi d'Zilsetzung vun dësem Treffe sinn.

1. Den Inventaire. Wou sinn all d'Bongerten vun der Gemeng Jonglënster?
2. Kënne mir e Konzept erstellen, fir den Entretien vun de Bongerten e bëssche besser ze organiséieren?
3. Wéi kënne mir als Ëmweltkommissioun ons méi abréngen fir d'Beem, d'Bongerten an och soss d'Natur an onser Gemeng méi ze schützen an ze ënnerhalen.

Present bei der Besichtegung vum Bongert waren de Buergermeeschter Ben Ries, den Ëmweltschäffe Raphael Schmitz, d'Gemengevertrieder Jean Boden, Christiane Degraux, Kenichi Breden an de Marc Schroeder. De Joël Hüsslein

an den Anthony Vaz Luis fir d‘Gäertner Ekipp, d’Mme Bauer vum SIAS an d‘Membere vun der Ëmweltkommissioun.

Wärend der Besichtegung huet den Anthony matgedeelt, dass hie leider net genuch Leit an der Ekipp „Jardinage“ huet fir der allgemenger Demande vun allen Aarbechten an onser Gemeng nozekommen. Si maachen awer hiert Bescht a si gewëllt en Effort am Bongert um Aasselscheier ze maachen.

## ***<u>2. Konzept opstellen fir eis Bongerten beschtméiglech ze ënnerhalen – zougänglech ze maachen.</u>***

D’Mme Doris Bauer huet e puer Reflexiounen wärend der Besichtegung vum Bongert ausgeschwat.
-D’Beem stinn ze dicht openeen.
- D’Käfeger ronderëm d’Beem sinn deelweis richteg, mee net bei all Bam. Dass bei all Bam en Drot ronderëm ass, ass bei enger Gewan mat Bësch ëmginn wéi et do ass, absolut noutwendeg.
-Et si Beem futti, déi mussen ersat ginn.
-De Schnëttkur huet e puer Beem futti gemaach, well se ze déif geschnidde gi sinn.
-D‘Konzept fir eng Bamplanzung fir déi Neigebuere ze organiséiere sollt ee bäibehalen, mee virdru sollten d’Leit e puer Uweisunge kréie wéi dat geet. D’Beem ginn duerch falsch Beplanzunge futti. (Ze déif agesat an ze fest getrampelt).
-D’Beem sollten all kontrolléiert ginn an deelweis nei ugestréckt ginn.

Den Antony vun der Gäertner Ekipp huet erkläert wéi ëmständlech an Zäitintensiv et ass dëse Bongert ze nätzen, well en esou wäit ewech läit.
Déi läscht Joren gruewen si d’Lächer och net méi mam Bagger, mee mat engem Buerer an dono gëtt de Buedem dann per Hand eraus gehuewene, esou gëtt d’Lach och net ze grouss, wat besser fir de Bam ass wann en nei ageplanzt gëtt.
De Joël Hüsslein fënnt de Site zu Aasselscheier och net ganz glécklech a proposéiert sech Gedanken ze maachen ob denn Terrain beim Recycling Park zu Jonglënster, deen vum SIAS naturnoh emgestallt gëtt, als neie Bongert fir déi Neigebueren a fro géif kommen.

Weider ass proposéiert ginn, dass een e neie Bongert an deene gepachte Lännereie vun de Baueren, déi der Gemeng gehéiere kéint aplanzen. Et misst een déi Bauere froen op si gewëllt wären sech dann em d’Beem ze këmmeren. Dozou misst een dann en Inventaire maache wéi vill a ween Terrain bei der Gemeng gepacht huet.

FAZIT vun der Mme Bauer vum SIAS.

D’Mme Bauer schreift e Rapport spezifesch fir ons Gemeng iwwer hir Aarbechten bei ons. Si kënnen d’Beem schneiden a no de Beem kucken, mee si kënnen se net netzen. Beim SIAS kritt een och nei Beem.
D’Mme Bauer well 1 x d’Joer an d’Ëmweltkommissioun komme fir e Point ze maachen iwwer hir Aarbecht an onser Gemeng.

Conclusioun vum Treffen:
De Bongert vun Aasselscheier gëtt erëm an d’Rei gesat a weider ënnerhalen. Et gëtt awer keng nei Beplanzung op deem Site méi gemaach.
Fir déi Neigebuere planze mir am November 3 nei Beem zu Gonnereng. Eng Propose vum Ben Ries.
Désirée vun der Gemeng ass beoptraagt ginn d’Fläschen déi verpacht sinn all opzeléschten an ons en Inventaire vun onse Bongerten a Beem ze schécken.

Eis nächst Reunioun ass de 01.07.2024 um 19.00 Auer am Centre Cultuel zesumme mat der Finanzkommissioun.

Mat frëndleche Gréiss.

Degraux Christiane — Sekretärin

Boden Jean — President